# Mediensplitter

## Téi oder Martini?

*Vläicht déi Rubrék, déi an den Zeitungen am meeschten gekuckt gët, as déi gesellschaftlech Agenda mat den Doudes-, Hochzäits- an anere privaten Annoncen. Wann zu Lëtzebuerg eng Persoun verscheed, da setzt d'Famill gewéinlech e knappe Saatz mat dem Numm vum Verstuerwenen an den Hannerbliwwenen an d'Presse a wéini d'Begriefnis as. An den angelsächsesche Länner gët et dogéint d'Traditioun vun den Obituaries, enger oder zwou Säite voller Noriff. Dës Liewes- a Charakterbeschreiwunge gi mol vun der Famill formuléiert an och bezuelt; mol sin et d'Journaliste selwer, déi de posthume Portrait formuléieren, och wann den Doudegen nët iwwert d'Duerf oder d'Stad eraus berühmt war.*

Et gët d'Anekdot vum Reporter, dee bei der Schauspillerin doheem soutz a vun hier z'iesse krut, fir bei däer Geleënheet mat hier iwwert e Projet fir d'Televisioun ze poteren. Wéi si no Stonnen a ville Froen, déi nët direkt eppes mat dem Film ze din haten, bis beim Nomëttestéi ukomm waren, sot d'Actrice op eemol: "Sot, Dir interviewt mech nët zoufälleg fir mäin Noruff?" — "Dach", huet de Journalist missen zougin. Wouropshin d'Bette Davis an d'Kiche goung a mat engem Martini-Shaker erëmkoum. "Wann dat esou as", sot si, "firwat hale mir dann nët mat deem blöden Téi op an drénken eppes Anstänneges?" Nët jidderee geséich e Gronn fir ze feieren, wann hie wéisst, datt hien dem Schreiwer vu séngem Noruff vis-à-vis séitz. Aner professionell Nécrologiste wëlle mat dem Sujet vun hierem Noruff op kee Fall e perséinlecht Gespréich féieren. Hier grouss Angscht as d'Fro: "A wéini kënnt Ären Artikel?" Wat soll een dorober äntwerten, ouni sech ze genéieren? Ieren: "Ech weess et nët"?

Obituaries oder Obits, wéi si gäeren an der engleschsproocheger Welt genannt gin, gët et als journalistesch Form zanter den 1880er Joeren, huet en australesche Journalist, deen an der Tëscht an d'akademescht Fach gewiesselt as, erausfonnt. Als sollech as si no an no ageschlof; just déi wierklech grouss a räich Blieder hu sech ëmmer de Luxus geleescht, nët nëmmen déi berühmt an dichteg Leit no hierem Doud ze würdegen. Villméi hun d'Zeitungen an den USA, England an Australien léiwer kasséiert, wann d'Famill wollt — quasi als Doudesannonce am angelsächsesche Sënn — e klengen Text als Erënnerung un e Verstuerwenen op hieren Obits-Säiten drécke loossen.

E Revirement koum, wéi de Londoner *Daily Telegraph* vun 1986 un en neien Toun an d'Obits bruecht huet, méi kritesch, besser geschriwwen a méi breet gestreet an der Populatioun. Op dëser Well as och den *Independent* vu London, deen dat Joer gegrënnt gouf, vun Ufank u geschwommen. D'Säit mat den Obits war jiddefalls mat e Gronn, firwat ech dës Zeitung deemols mat esou vill Begeeschterung gelies hun a firwat ech haut nach all Dag um Internet kucken, wien an der *New York* Times en Noruff krut.

Dobäi geet et nët em déi Obits, déi ee liicht ka virausgesin: e Kënschtler, e Sportler, e Politiker… Mee em all déi onbekannte Leit, déi op hier Manéier genee esou eemoleg sin. Dax repräsentéiere si eng Institutioun, ëmmer hu si am gesellschaftleche Mikrokosmos eng Bedeitung. Dëser Deeg goung an der *New York Times* vun enger Fra rieds, déi als Championne vun de behënnerte Kanner gefeiert gouf. Si hat fir hiert handikapéiert Meedche a laange juristesche Streidereie Rechter duerchgesat, vun deenen och aner Kanner profitéiert hun. (Niewebäi gët een dann esou erstaunlech Saache gewuer wéi d'Tatsaach, datt hieren Ex-Mann a Papp vun der Duechter een vun den Auteure vum Lidd *Puff the Magic Dragon* as.) Oder vun engem Mann, deen am 2. Weltkrich idyllesch Biller vum Liewen un der Front gemolt huet, déi an der amerikanescher Presse ofgedréckt goufen. Zwar huet ni däerfe Blutt opdauchen, mee heiansdo war op den Tableauë méi vum Krich ze gesin wéi op de Photoen a Fil-

**D'Konscht, e gudden Noruff ze schreiwen, besteet doranner, nieft dem Charakter an de Leeschtunge vum engem Mënsch och e kritescht Wuert däerfen ze verléieren.**

**Ech waarden nach ëmmer drop, datt nët verschimmt driwwer ewechgaange gët, wann e Mënsch sech d'Liewen hëlt. Och dat as en Deel vun enger Biographie.**

mer aus däer Zäit. Alles nët weltbewegend, mee trotzdem.

Och vill méi kleng angelsächsesch Lokal- a Regionalblieder strenge sech nees un, fir eegen a gudd Obits vun esou Leit ze bréngen. An der Tëscht as et bei muenchen e Verkafsargument, well bei de Lieser kënnt dës Rubrik am allgemengen exzellent un. Déi méiglecherweis formidabelst Sammlung vun Obits huet *New York Times* no dem 11. September virgeluecht. Bis Silvester 2001 huet si iwwert 1.800 kuerz Portraitë vu Leit publizéiert, déi beim Crash vun den Twin Towers em d'Liewe koumen. (Si solle permanent am Internet stoe bleiwen.) An den *Daily Telegraph* gët séngersäits zanter 1996 all Joers e Recueil mat Obits eraus.

D'Konscht, e gudden Noruff ze schreiwen, besteet doranner, nieft dem Charakter an de Leeschtunge vum engem Mënsch och e kritescht Wuert däerfen ze verléieren. Sou gët an engem weideren Obit aus der *New York Times* vun deene leschten Deeg e Mann fir säin Engagement fir déi sougenannt *affirmative action* gelueft. Viru bal 30 Joer as hie bis virun de Supreme Court gezun, fir kënnen als Schwaarze Medizin ze studéieren. Am nächsten Abschnitt steet dann, hien hätt séng Lizenz als Doktor wéinst Mëssbrauch virun e puer Joer ewechgeholl kritt. Wann déi negativ Säiten nët esou liicht duerch Fakten duerzestelle sin, dann hëlleft sech den Noruffschreiwer gäere mat Ironie. Zum Beispill heescht et dann iwwert e Gauner, hie wäer den ethesche Standardë vun der Economie nët ëmmer gerecht gin.

Fir Diskussiounen ënnert den Nécrologiste suergt weider d'Fro, op d'Doudesuersaach soll genannt gin. Nët jidfer Blad as esou radikal wéi d'*New York Times*, dee ëmmer drop hält, datt de Lieser gewuer gët, u wat e Mënsch gestuerwen as. De geneën Contraire fënnt een zu Lëtzebuerg: Ech waarden nach ëmmer drop, datt nët verschimmt driwwer ewechgaange gët, wann e Mënsch sech d'Liewen hëlt. Och dat as en Deel vun enger Biographie.

PS: Et gët e puer wonnerbar Internet-Siten, déi sech mat Noriff beschäftegen. De flottsten as *www.obitpage.com*. Do fënnt een och déi exzellent Reportage vum Mark Singer aus dem New Yorker, deen dëst Joer bei der véierter Great Obituary Writers' Conference derbäi war (*www.newyorker.com/printable/?fact/020708fa_fact*). Da gët et den National Obituary Archive:

(*www.arrangeonline.com/HomePage.asp*) an ausserdem *www.obits.com* a *www.obitcentral.com*. Den zitéierten Artikel vum Nigel Starck, deen op der University of Southern Australia fir eng Doktoraarbecht iwwert Obits fuerscht, fënnt een ënnert: *www.gu.edu.au/school/art/text/oct01/starck.htm*.

*(Fräie Micro um honnert,7 vum 21. August 2002)*